



Dagesausflug op Esch/Uelzecht 27. Juli 2024

*Musée national de la Résistance an
Natura 2000 Gebitt Ellergronn*

Wéi schonn ugekënnegt maachen d'Frënn vum Naturmusée de Samschde 27. Juli en Dagesausflug op Esch/Uelzecht.

Programm

RDV um 9.50 Auer zu Esch op der Gare (Busgare; well keen Zuch fiirt kann ee mam Bus L62 vun 9.20 aus der Staat kommen).


Zu Fouss si mir séier am Musée national de la Résistance. Hei hu mir eng Féierung duerch déi säit Mäerz 2024 komplett nei gestallten Dauerausstellung mat engem ganz breede Spektrum un Theme ronderëm d'Zäit vum 2. Weltkrich (Tëschekrichszäit, d'Liewen ënnert Diktatur a Repressioun, d'Reaktiounen vun de Lëtzebuenger, Nazistrukturen, Grausamkeeten a Nokrichszäit. Eng Duerstellung vun de Mënscherechter sou wéi den ziville Widderstand si weider Themen.

Mëttegiessen an enger Pizzeria

- Entweder : 1 : gefëllte Nuddelen : Mezze lune (fromage de chèvre frais, aubergines, artichauts, fondue d'épinards frais et parmesan) vegetarësch
- Oder : 2 : gefëllte Nuddelen : Saccottini (veau, champignons, crème, noix et copeaux de parmesan)

Duerno geet et mam Liniebus 12 an den Ellergronn.

Hei erwaart ons de Fierschter fir eng naturalistesche Wanderung vun 2,5 Stonnen duerch d'Natura 2000-Gebitt. Virun e puer Joerzëngte gouf an dem aktuellen Naturschutzgebitt „Ellergronn“ nach Eisen ofgebaut. No dem fréiere brutalen Agrëff an d'Natur an d'Landschaft huet dat deemolegt Gebitt „Kazebierg“ sech a verschidde Liewensraim fir ënnerschiddlech Déiere verwandelt, mat Weieren, drèche Wisen, Erle- an Äschebëscher. Den „Ellergronn“ gehéiert zum europäesche Netz vun Natura 2000 Naturschutzgebitter. **Géint 17.30 Auer si mir zeréck op der Escher Gare.**



Präis: 40 € pro Persoun (2 Féierungen, Entrée, lessen ouni Gedrénks).

Umeldung op www.amnhn.lu bis spéitstens den 22. Juli.

Iwwerweist eis w.e.g. den Onkäschtebeitrag réischt nodeems der ugeholl sidd.

Onbedéngt: Fest Wanderschong a Gedrénks fir ze trëppelen!

Fir eventuell Froen: info@amnhn.lu

Geneviève Faber
Sekretärin